257 d'JONGE VU GORODOK

Le'we Komerod,

Ech so'en Dir am Numm vun alle Gorodoker Komeroden merci fir dén Don déns Du mir iwerwisen hues.Domadder beweist Du dass Du nach én Gorodoker wëlls bleiwen,an Du hëllefs mir Käschte vun der Journée ze decken.

Ech hoffen dass Du an de nächste joren erëm kanns derbei sin, an Komeroden wönschen Dir alles Guddes.

fr. 500.-

Merci villmols

Jempi WOLFF

D'JONGE VU GORODOK
traueren ëm hire verstuerwene Komerod, den

**Här Raymond Ehleringer**

De Läichendingscht gët gehalen an der Dekanatskiirch vu Betebuerg haut Donneschdeg, de 27. Juni 1996, ëm 16 Auer.

Der Familjen am Trauer soe mir eist häerzlechst Bäileed.

Komerod Raymond, mir vergiessen Dech nit.

205203

D'CHORALE MUNICIPALE
SÄNGERFREED
VU BETEBUERG
huet déi traureg Flicht, den Doud vum

**Här Raymond Ehleringer**

matzedelen.

Hie war en treien a jovialen, aktive Mêmber.

Sénger Famill sprieche mir eist déifste Matgefill aus.

205511 De Comité.



## 29. Journée vun de Gorodoker Jongen

En Donneschdeg, den 13. Juni, sin d'Jongen vu Gorodok zou Bour op der Sauer zesummekomm. An enger Mass an der Porkiirch vu Bour, déi zelébréiert gin as vum Här Paschtouer Paul Müller, hun d'Jongen zesumme mat hire Fraen d'Mass gesongen an hun un hir gefalen, vermëssten a schon verstuerwe Komerode geduecht.

Beim „Monument aux Morts" as eng Gerbe niddergeluecht an déi lescht Stroph vun der Hémecht gesonge gin.

Bei engem gudde Mëttegiessen am Restaurant Kirchen huet den Organisateur a Komerod, Jempi Wolff, de Rapport vun der Keess an den Aktivitéiten am Joer 1995 gemach.

Nomëttes war eng Visite zou Waasserbëlleg vum Aquarium. Duerno hun d'Komerode sech äddi gesot an hoffen, datt si sech op der 30. Journée all erëm gesin.

mb



# 29. Journée vun de Gorodoker Jongen

En Donneschdeg, den 13. Juni, sin d'Jongen vu Gorodok zou Bour op der Sauer zesummekomm. An enger Mass an der Porkiirch vu Bour, déi zelébréiert gin as vum Här Paschtouer Paul Müller, hun d'Jongen zesumme mat hire Fraen d'Mass gesongen an hun un hir gefalen, vermëssten a schon verstuerwe Komerode geduecht.

Beim „Monument aux Morts" as eng Gerbe niddergeluecht an déi lescht Stroph vun der Hémecht gesonge gin.

Bei engem gudde Mëttegiessen am Restaurant Kirchen huet den Organisateur a Komerod, Jempi Wolff, de Rapport vun der Keess an den Aktivitéiten am Joer 1995 gemach.

Nomëttes war eng Visite zou Waasserbëlleg vum Aquarium. Duerno hun d'Komerode sech äddi gesot an hoffen, datt si sech op der 30. Journée all erëm gesin.

mb